Lëtzebuerger **Guiden** a **Scouten**

Grupp St Benoît
CLIARREF

b.p. 86
L-9701 CLERVAUX

biber.clierf@gmail.com

Clierf, den 4. Februar 2019

Léif Biberchef,

Déi Cliärrwer Biber organiséieren dëst Joer de:

- **Wéini** a **wou** ass de Bibertreff 2019?

  Datum : Samschdes, den 29. Juni 2019
  Auerzäit : 9:30 – 16:00 Auer
  Plaz : zu Clierf beim Chalet Bréisbich (route d'Eselborn)
  Thema : De Biber am Weltall
  Präis : 7€ ouni Catering, 12€ mat Catering

- **Transport:**
  Fir dohinn: Op Clierf kënnt ee ganz einfach mam **Zuch**. Äre Grupp soll den Transport selwer organiséieren bis bei **d'Zuchlinn 10** (Luxembourg-Clervaux), mir réservéieren dann den Zuch fir dës Linn. Vun der Gare aus trëppelt Dir dann de Wee bis bei eise Chalet. Dir kënnt entweder mam Zuch um **9:15** oder um **9:45 Auer zu Clierf ukommen**.
  Fir zréck: Den Zuch fir heem geet um **16:15 Auer**. (→ definitif Umelldung)

- **Catering:**
  D'Biber kënnen fir mëttes ee Picknick matbréngen.
  Dir kënnt awer och vun eisem **Catering** profitéieren. Et gëtt ee Wupp vum Grill, Zalot an ee Stéck Kuch als Dessert.

- **Umellen:**
  Äre Grupp kann sech elo well per Email op *biber.clierf@gmail.com* umellen.
  W.e.g den **Numm** vum **Grupp** uginn an eng **ongeféier Unzuel** vu Kanner.

  Méi spéit am Joer kritt Dir eng Mail, an där Dir genau musst uginn, wéivill Kanner a wéivill Cheff matkommen an da kënnt Dir de ganze Betrag vum Bibertreff iwwerweisen.

Déi Cliärrwer freeën sech op Iech!

Mat beschte Guiden- a Scoutsgréiss,
Déi Cliärrwer Biber

Ee grousse Merci un eis Sponsoren